# LUGA

## LUXEMBOURG URBAN GARDEN

## 2023

**De Countdown fir déi éischt Lëtzebuerger Gaardenexpo leeft**

Luxembourg compte à rebours avant son exposition horticole

www.luga2023.lu

**Planzen, Natur, Urbanismus – 2023 gëtt d'Liewen zu Lëtzebuerg gréng. D'Thema vum Joer ass de Gaart a wéi dësen am moderne Raum seng Plaz fënnt. Déi éischt Lëtzebuerger Gaardenexpo steet virun der Dir.**

Plantes, nature, urbanisme : en 2023, la vie à Luxembourg se met au vert. Le jardin et son intégration au milieu urbain seront les vedettes de l'année. Compte à rebours lancé avant la première exposition horticole luxembourgeoise.



**De Renaturéirungsprojet vun der Péitruss als computergeneréiert Biller**
Le projet de renaturation de la Pétrusse en image de synthèse

LËTZEBUERGESCH

Véier Joer sinn et nach, bis an der Stad eng grouss Gaardenexpo organiséiert gëtt. D'LUGA – kuerz fir "Luxemburg Urban Garden" – dat sinn awer net nëmme schéi Blummen a Planze fir an de Gaart, ma e Programm, deen d'Thema Ëmwelt am Ganzen zesummeschléisst. Vun Urban Gardening iwwer Landwirtschaft, Landschaftsarchitektur a Klimaschutz bis hin zur zirkulärer Ekonomie ass hei alles mat abegraff, wat ënnert d'Kategorie "green" passt. Iwwer sechs Méint – tëscht Mee an Oktober – wäerten sech duerch Aktivitéiten, Ausstellungen, Konferenzen a Konschtstécker, déi verschidde Quartiere vun der Stad an eng Welt vum Gréngs verwandelen.

### Véier Quartiere fir véier Themefelder

D'LUGA, dat gëtt eppes Grousses. Ze fanne wäert d'Expo a véier verschiddenen Zone sinn: am Péitrussdall, am Stater Parc municipal mam Parc Pescatore, am Uelzechtdall mam Pafendall, dem Gronn a Clausen, an zu gudder Lescht um Kierchbierg.

Och d'Themefelder, déi wärend der LUGA behandelt ginn, sinn a véier gedeelt: Natur sozial, Natur pur, Natur a Kultur, Naturentwécklung. Dës sollen zum Nodenken ureegen, zum Austausch an zur Entdeckung. De Programm geet vun der Renaturéierung vum Flossbett vun der Péitruss, déi am Virfeld vun der LUGA gestart gouf an 2023 schonn den Ofschloss vun enger éischter Phase Opweises huet, iwwer d'Besichtegung vu Gemeinschafts- a Privatgäert, Fliedermaus-Touren an der Nuet, bis hin zu Konferenzen iwwer d'Notzung vun der Fläch am urbane Raum – an dat gréisstendeels fir näischt.

### De Kierchbierg als Sensibiliséierung

Eng vun de grousse Rolle wäert bei der LUGA 2023 de Kierchbierg spillen. Als Paradebeispill fir

e moderne Staddeel ass et net vu Muttwëll, dass grad um Plateau no Alternative vum Landbau gesicht gëtt. Ma virun allem d'Bewosstsinn fir d'Natur soll bei de Projete vun der LUGA gestäerkt ginn a vläicht dat eent oder anert Ëmdenken an de Käpp vun de Leit bewierken. Méi Gréngs, manner Beton, an dat och am Stadkär. Wien net vill Suen an Zäit an e Gaart investéiere wëll, dee soll op der LUGA geléiert ginn, wéi et och anescht geet. Statt Kiselsteng a Pestiziden am Virgäertchen, Planzen, déi sech dem Klima gutt upassen a wéineg Opmierksamkeet brauchen. Amplaz vu Geméiser vu weit hier, vläicht och mol Geméis aus dem Quartiersgaart op den Teller. An och Vertikal- oder Daachbeplanzung gehéieren zu den innovative Konzepter, déi bei der Gaardenexpo eng Vitrinn kréien.

## En XXL-Klassenzëmmer

Net ze kuerz komme soll awer och den edukative Volet vun der LUGA. Souwuel Schüler ewéi och Erwuessener si bei der Gaardenexpo wëllkomm, fir hei d'Praxis ze léieren. Wéi eng Champignone wuessen eigentlech an de Kasematten? Wéi funktionéiert de Waasserkreeslaf vun der Péitruss? Wéi eng Planzen iwwerliewen am Aquatunnel? A wéi eng Planze kann een och bei sech doheem setzen, fir d'Loft méi propper ze maachen? All d'Äntwerten op dës Froen huet d'LUGA parat. A fir dëst Wëssen op méiglechst spannend Aart a Weis ze vermëttelen, wäerten och d'Stater Muséeën, Privatgäert an esouguer „Vakanz um Haff" mat an d'LUGA agebonne ginn.

## Eng Kollaboratioun vun de Ministèren

D'Iddi fir eng Gaardenexpo ass scho virun 30 Joer an de Käpp vun de Membere vun der Fédération Horticole (Encoche) entstanen. Fir de Projet vun 2023 dann esou gutt ewéi nëmme méiglech ze realiséieren, huet sech de Landwirtschaftsministär mat der Stad Lëtzebuerg zesummegedoen. Ronn 10 Milliounen Euro goufe mobiliséiert, déi zur Halschent vum Staat an zur Halschent vun der Stad Lëtzebuerg gedroe ginn. Dëse Budget erlaabt ënner anerem d'Fonctionnement vun enger Asbl mat insgesamt véier Matarbéchter, déi fir d'Organisatioun vun der LUGA an fir d'Koordinatioun vun den eenzele Projete gegrënnt gouf.

Partner vun der LUGA sinn de Kultur-, Wirtschafts- a Finanzministär, esou wéi och d'Fédération des horticulteurs au Luxembourg. Ma och de Fonds Kierchbierg an aner ëffentlech Administratioune wäerten sech un der Realisatioun vum Projet bedeelegen. Dës Kollaboratioun




**D'LUGA an de Quartieren vun der Haaptstad**
La LUGA dans les quartiers de la capitale

erlaabt et, dem Event e méi groussen Explorationsterrain ze bidden an de richtegen Equiliber tëscht Natur an Urbanismus ze fannen, fir dass eng Haaptstad ewéi Lëtzebuerg och an Zukunft hir Challenge ka meeschteren.

## D'LUGA an ären Hänn

Ma eng Ausstellung vun dëser Gréisst ass awer méi wéi just e gutt gefëllte Programm. Genau dofir sollen och lokal Acteure mat abezu ginn. Sief et kleng Asblen, déi vereenzelt Syndikater aus dem Land oder d'Bewunner vun de Stater Quartieren, Frënn vun Natur, Gaardebau a Landwirtschaft – all Hand, déi mat upeekt, ass häerzlech wëllkomm.

De 16. November gouf an der Abtei Neimënster en Informatiounsowend organiséiert, bei deem ronn 200 Associatiounen an Institutiounen ageluede waren, fir hir Iddien ze presentéieren. De But vun dëser Veranstaltung war et, Partner ze fannen an esou gemeinsam de genaue Programm vun der LUGA op d'Been ze stellen. Eng 100 Projeten ginn sech bis ewell erwaart, déi zum definitive Look vun der Gaardenexpo fir 2023 wäerte bäidroen.

De Programm soll virun allem koherent sinn an dem Konzept vun der LUGA trei bleiwen. 500.000 uviséiert Gäscht hannerloosse Spueren an dës solle bei der Expo esou kleng wéi méiglech gehale ginn, fir dass de grénge Message och ukënnt. Eng ëmweltfrëndlech Mobilitéit, e low-waste Catering: déi sechs Méint vun der LUGA ginn duerch an duerch gréng. Bis et esou wäit ass, sinn et nëmmen nach véier Joer an no deenen heescht et prett sinn. Sidd Dir et?

FRANÇAIS

Plus que quatre ans avant que la première grande expo-jardin ne soit organisée en ville. Et pas question de n'être qu'une exposition de jolies fleurs. La LUGA – abréviation pour « Luxembourg Urban Garden » – prévoit un vaste programme imaginé autour du thème de l'environnement dans son ensemble. « Urban Gardening », agriculture, architecture paysagère, économie circulaire ou protection du climat, le spectre entier du « green » sera à la fête. Pendant six mois, de mai à octobre, se multiplieront activités, expositions, conférences et visites, qui transformeront les différents quartiers de la capitale en un monde de verdure.

### Quatre quartiers pour quatre thèmes

La LUGA voit grand. Elle s'emparera de quatre zones différentes de la ville de Luxembourg : la vallée de la Pétrusse, le parc municipal de la ville avec le parc Pescatore, la vallée de l'Alzette avec les quartiers Pfaffenthal, Grund et Clausen, et le plateau du Kirchberg.

Sur chacun des sites, quatre grands thèmes seront développés : nature pure, nature sociale, nature et culture, ainsi que nature et développement urbain.

Ces sujets constitueront une base de réflexion, d'échange et de découverte. Ils permettront d'aborder la renaturation du lit de rivière de la Pétrusse, démarrée préalablement et qui connaîtra la fin de la première phase en 2023. Ils donneront également lieu à diverses activités, majoritairement en libre accès, comme des visites de jardins communautaires et privés, l'exploration, de nuit, de sites hôtes de chauve-souris, ainsi que des conférences autour de l'utilisation des surfaces en milieu urbain.

Le programme défini sur les différents sites mettra en avant certains concepts essentiels à la thématique de l'environnement, parmi lesquels le zéro-déchet et l'agriculture solidaire. La ville du futur sera aussi en débat, ainsi que la consommation d'eau, lors de l'aménagement des villes ou la production alimentaire.

### Le Kirchberg pour sensibiliser

Le quartier du Kirchberg aura une place importante dans le programme de la LUGA. Exemple parfait d'un quartier urbain, le plateau constitue l'endroit optimal pour proposer des alternatives agricoles. L'objectif principal de la LUGA sera ainsi de renforcer la prise de conscience en matière de nature, afin d'engendrer un changement de mentalité de la population. Plus d'espaces verts, moins de béton, même au centre de la ville ? Toute personne désirant investir peu d'argent ou peu de temps dans la conception de son jardin devrait trouver des solutions à la LUGA. Remplacer l'utilisation de pesticides par des plantes ayant besoin de peu d'entretien. Remplacer les légumes provenant d'ailleurs par des légumes frais récoltés dans le jardin communautaire du quartier. Installer des plantations verticales ou des toitures végétalisées. Voilà quelques belles idées qui trouveront leur place lors de la LUGA.

### Une salle de classe XXL

Les plus jeunes seront les bienvenus sur l'expo-jardin. Élèves et adultes y seront reçus pour apprendre par la pratique. Quels champignons peut-on trouver dans les casemates ? Comment fonctionne le circuit d'eau de la Pétrusse ? Quelles plantes survivent dans l'Aquatunnel ? Quelles plantes installer à la maison pour assainir l'air ? Toutes les réponses à leurs questions se trouveront à l'exposition. Les musées de la ville, des terrains privés et même des vacances à la ferme seront associés à l'événement, afin d'éveiller leur conscience écologique.

## D'LUGA AN DATUMEN

### La LUGA en dates

**1998 - 99**

**Dat ehemoolegt Arbeds-Gebitt op Esch/Belval geréit an d'Viséier, fir eng LUGA ze organiséieren, mee de Projet scheitert.**
L'ancien territoire de l'ARBED à Esch / Belval est pris en considération pour y organiser une LUGA, mais le projet échoue.

**2014 - 2016**

**De Berliner Etüde-Büro Neumann-Gusenburger féiert eng Machbarkeitsstudie an der Stad Lëtzebuerg fir d'LUGA duerch.**
Le bureau d'études berlinois Neumann-Gusenburger est engagé pour faire une étude de faisabilité dans la ville de Luxembourg.

**20 JUIN 2017**

**D'Conventioun fir d'LUGA 2023 vum Lëtzebuerger Regierungsrot ënnerschriwen.**
La Convention pour la LUGA 2023 est signée par le Gouvernement luxembourgeois.



## Le champ de plusieurs ministères

L'idée d'une telle expo-jardin a germé il y a déjà 30 ans dans l'esprit des membres de la Fédération horticole (voir encadré). Pour mener à bien ce grand projet en 2023, le ministère de l'Agriculture s'est associé à la Ville de Luxembourg. Une enveloppe d'environ 10 millions d'euros a été débloquée, financée à moitié par l'État et à moitié par la Ville de Luxembourg. Ces fonds permettront notamment le fonctionnement d'une asbl de 9 membres, créée pour superviser l'organisation et la coordination des différents projets.

Les ministères de la Culture, de l'Économie et des Finances, ainsi que la Fédération Horticole Luxembourgeoise, sont partenaires de la LUGA. Le Fonds Kirchberg et d'autres ministères et administrations publiques se joindront à la réalisation de celle-ci. Leur implication permet d'offrir à l'événement des champs d'exploration plus vastes, d'interroger sur les challenges futurs qu'une capitale, comme le juste équilibre entre nature et urbanisme.

## La LUGA dans vos mains

Mais une exposition d'une telle envergure nécessite bien plus que le programme mentionné précédemment. Petites asbl, syndicats ou habitants des quartiers de la ville, amis de la nature, de l'horticulture et de l'agriculture, la participation de tous les acteurs locaux sera la bienvenue.

Le 16 novembre, une séance d'informations était organisée à l'Abbaye de Neumünster. Quelque 200 associations et institutions publiques y étaient conviées dans le but de recueillir des idées, trouver des partenaires et composer un programme détaillé de la LUGA. Une centaine de dossiers de participation est désormais attendue, afin de permettre l'élaboration du programme définitif pour 2023.

Et ce programme devra être cohérent, fidèle au concept. Les 500 000 visiteurs prévus ne devront laisser que des traces minimes dans l'environnement, sous peine de voir le message vert réduit à néant. La mobilité sera écologique, et le catering, « low » déchets. Ces six mois de LUGA seront résolument verts. Plus que quatre ans pour être prêts. En serez-vous ?



### 3 Froen un / 3 questions à

## NIKI KIRSCH

*Président honoraire de la Fédération Horticole Luxembourgeoise (FHL)*

**Wéi ass d'Iddi vun der LUGA entstanen?**
**Comment est née l'idée de la LUGA ?**

**LU** Ech war 17 Joer laang President vun der FHL an ee vu menge grousse Projete war eng Gartenschau. Ech war iwwer d'Joren eng 30 Ausstellungen uerchter d'Welt kucken a mir hunn selwer bei e puer matgemaach. Eemol zu Amsterdam als Benelux Partner, 2004 mat engem Stand op der LaGa zu Tréier an dat Joer virdrun op der Bundesgartenschau zu Rostock. Esou ass dann och de Gedanke vun enger Gaardenexpo bei eis a mir gewuess.

**FR** J'étais président de la FHL pendant 17 ans, et l'un de mes grands projets était de faire une expo-jardin. Au fil des années, j'ai visité une trentaine d'expositions dans le monde entier. En tant que fédération, nous avons aussi participé à quelques-unes : une fois à Amsterdam en 2004 en tant que partenaire Benelux, avec un stand sur la LaGa de Trèves, et l'année d'avant à l'exposition horticole fédérale à Rostock. C'est ainsi que j'ai eu l'idée d'organiser une expo-jardin au Luxembourg.

**Wat ass dat Wichtegst bei der Gaardenexpo?**
**Quels sont les points les plus importants d'une telle exposition horticole?**

**LU** Mir mussen eppes Schéines maachen, an dat huet näischt onbedéngt mat Gréisst ze dinn. Déi Leit, déi déi éischt puer Woche kommen, musse faszinéiert sinn. Dann zéien och anerer no.

**FR** On devra créer quelque chose de beau, et cela n'a forcément rien à voir avec la grandeur de l'exposition. Les gens qui viennent les toutes premières semaines doivent être fascinés. Ainsi, ils inciteront aussi d'autres personnes à venir.

**Wat wënscht Dir Iech fir 2023?**
**Quels sont vos souhaits pour 2023?**

**LU** Dass de Beruff-Gaardebau am Virdergrond steet. An e Lift bei der Gëlle Fra, fir dass d'Leit och erof bis bei d'Péitruss luusse ginn. Dat ass eppes wat mir nach um Häerz läit.

**FR** Que l'horticulture soit mise en avant. Et un ascenseur près de la Gëlle Fra me tient à cœur, pour que les gens se déplacent aussi vers la Pétrusse.

Auteur: Laura Tomassini – Photographe: Lala La Photo – Responsable: Christiane Mangen



**Romain Schneider, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung**
Romain Schneider, ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

# Der LUGA hier gréng Philosophie

## La philosophie verte de la LUGA

**E Gespréich iwwer Baueren, gréng Stied an de Plang, aus der Stad eraus an d'ganz Land ze zéihen. Wéi de Landwirtschaftsministère d'LUGA 2023 gesäit.**

Agriculteurs, villes vertes et l'idée de faire rayonner ce programme à travers tout le pays – voici le regard que le ministre de l'Agriculture pose sur l'exposition horticole 2023 à venir.

LËTZEBUERGESCH

**D'Iddi fir eng Gartenschau zu Lëtzebuerg existéiert jo scho säit Laangem. Wéi ass et dann elo dozou komm, dass des endlech Realitéit wäert ginn?**
D'LUGA huet effektiv schonn eng laang Virgeschicht. De laangjärege President vun der Fédération horticole Niki Kirsch war vun Ufank un ee vun de Motoren, déi des ugedriwwen hunn a wéi ech deemools déi éischte Kéier Minister war, vun 2009 bis 2013, do hu mir eis der Saach gestallt an zesumme mam Tourismusministère an der Stad Lëtzebuerg decidéiert, eng LUGA ze maachen. Et war schonn ëmmer de Wëllen do, eppes op der Basis vun de Bundesgartenschauen opzebauen. Dat Evenement war awer ursprénglech fir 2020 geplangt, mee mir wollten dat Ganzt méi breet opstellen a méi maache wéi just eng Gartenschau. Dat Konzept ass dunn och an de neie Regierungsprogramm opgeholl ginn a gouf fir 2023 festgeluecht.

**Wat sinn dann déi Haaptziler vun der LUGA aus der Siicht vum Landwirtschaftsministère?**
D'Iddi ass natierlech de Volet Gaardebau mam Geméisbau an dem ganze gréngen Beräich ze promouvéieren. Beim Thema Geméis- an Uebstproduktioun ass hei zu Lëtzebuerg nach Sputt an d'Luucht do. Den zweete Volet vun der LUGA dréint em Nohaltegkeet a Klimaschutz. Mir liewen an enger Zäit, wou ee muss nohalteg iwwerleeën. Den drëtte Volet fält ënner d'Stéchwuert Nation Branding. Mir si net just e Land vun de Finanzen, mee och e Land vum Sport, vum Tourismus, vun der Kultur, der Stadentwécklung. Lëtzebuerg huet vill ze bidden an dat wëlle mir och no baussen weisen.

**A wéi sollen des konkret ëmgesat ginn?**
Den Haaptpunkt ass natierlech d'Stad, mee duerno soll d'LUGA och op aner Plazen uechter d'Land hiweisen. D'Iddi ass d'Stad als Beispill ze ginn, dat da vun anere Gemengen aus dem Land kann imitéiert ginn. Et ass eng Aart Versuchslabo. Mat der LUGA kréie mir eng Bühn déi mir notze kënne fir vun ënnen erop de grénge Gedanken ze festegen. Dofir ginn och d'Schoule staark mat an d'LUGA agebonne fir des Linn ze weisen, och schonn an der Ausbildung.

**Wéi eng Roll spillt de Landwirtschaftsministère an dem Ganzen?**
Mir wëllen natierlech d'Landwirtschaft méi pousséieren a versichen, Léisunge fir d'Problemer vum Secteur ze fannen. Dofir wäert et bei der LUGA och vill em regional Produktioun goen, saisonal Produiten a Bio, mee och Liewensmëttelverschwendung an anti-gaspillage spillen eng grouss Roll. Et geet awer och em d'Zukunft vum Beruff. Mat der LUGA soll d'Bild vun der Landwirtschaft erëm gestäerkt ginn. Se soll e neit Gesiicht kréien. Mir wëllen d'Konsumente méi no un d'Produzente bréngen an dofir si mir als Ministère och frou, dass mir de Lead fir d'LUGA hunn.

**Wat sinn dann d'Schwieregkeeten, deenen sech de Secteur aktuell stelle muss?**
Bauer ass e super flotte Beruff, a mat Bauer mengen ech natierlech de ganze Metier, also och Wäibau a Gaardebau. Et huet ee vill Fräiheet mee et ass kloer, dass et net just en Hobby ka sinn, mee et muss och opgoen. Engersäits huet een do d'Thema Terrain, well Land ass e Problem. Anerersäits d'Technik,

> „Fir eis aus dem Secteur ass et eng flott Geleeënheet, d'Bild vun der Landwirtschaft nei ze gestalten. (...) Et ass also quasi och en interne Secteur Branding."
>
> ROMAIN SCHNEIDER

d'Ausbildung, d'Formatioun sinn en anere Problem. An natierlech d'Käschte fir Personal, Material a sou wieder. Dofir brauche mir an der Landwirtschaft Ënnerstëtzung. An enger Zäit wou d'Oplage vum Secteur ëmmer méi ginn – an ech soen net, dass dat net richteg ass – mee do muss een e budgétairen Equiliber schafe fir dass d'Rechnung herno och opgeet.

**Wat erwaart Dir Iech als Landwirtschaftsminister an der Hisiicht vun der LUGA?**
Fir eis aus dem Secteur ass et eng flott Geleeënheet, d'Bild vun der Landwirtschaft nei ze gestalten. Et héiert een ëmmer just vun de Skandalen an der Liewensmëttelproduktioun an dat werft e negatiivt Bild op de Beruffsstand. Bei der LUGA, an iwwer déi sechs Méint doriwwer eraus, kënnen d'Baueren och emol weisen, wat si alles fir d'Natur maachen. Et ass also quasi och en interne Secteur Branding, wann een dat esou nenne kann.

**Déi Projete wäerte jo eréischt nom November zesumme mat den Acteuren ausgeschafft ginn. Wat kéint een sech awer do virstellen?**
Stéchwieder sinn Urban Farming, Gemeinschaftsgäert, Begringung vun den Diech, Isolatioun, mobilité douce beispillsweis mam Tram an awer och d'Sozialliewen a grousse Strukturen. Dofir spillt de Kierchbierg esou eng wichteg Roll, well en dacks d'Dir fir an d'Land eran ass. Et leeft immens vill do, och op europäeschem Niveau, a vill Leit gesi just dat wann se zu Lëtzebuerg sinn. Dofir ass et wichteg, eng Porte d'Entrée ze hunn, déi uspriechend ass. No 2023 kann de Kierchbierg ganz anescht ausgesinn, dat ass nach dat lescht Puzzelstéck.

**Dir waart jo selwer schonn op enger Rëtsch Gartenschauen am Ausland. Wat sinn dann Är perséinlech Usprëch fir d'LUGA?**
Ech war selwer zu Tréier op der regionaler Gartenschau an zu Koblenz op der Bundesgartenschau. A wat do immens flott war a fir eis och vun Ufank un kloer, ass dass mir net einfach iergende Site fir d'LUGA huele wollten, deen duerno nees verschwënnt. D'Saache sollen och no 2023 nach genotzt ginn a stoe bleiwen a weider visibel sinn. De Projet leeft jo offiziell 2025 aus mee et ass awer net just e „one-shot“. Wat mech nach impressionnéiert hat, war d'Vilfalt vum Gaardebau, virun allem op der Floriade zu Venlo. An den Esprit Saachen ze erfannen, déi Vilfalt un Iddien déi do zustane komm sinn. Dat war einfach immens.

FRANÇAIS

**L'idée pour une exposition horticole au Luxembourg couve depuis longtemps. Quels facteurs ont finalement mené à la réalisation du projet ?**
La LUGA a effectivement une histoire. Niki Kirsch, président de longue date de la Fédération horticole, a toujours été l'une des forces principales poussant le projet et, déjà lors de mon premier mandat de ministre durant les années 2009 à 2013, nous avions décidé de concrétiser l'idée et d'organiser une LUGA ensemble avec le ministère du Tourisme et la Ville de Luxembourg. Nous voulions créer un événement inspiré des *Bundesgartenschauen* allemandes. Elle était initialement prévue pour 2020, mais nous souhaitions organiser quelque chose de plus polyvalent et d'une plus grande envergure qu'une simple exposition horticole. Ce nouveau concept a donc été intégré dans le programme gouvernemental et la date définitive de la LUGA a été fixée pour 2023.

**Quels sont les objectifs principaux de la LUGA du point de vue du ministère de l'Agriculture ?**
L'idée est évidemment de promouvoir le volet de l'horticulture avec la culture de légumes et toute la branche « verte ». Si on parle de production maraîchère et de fruits, le Luxembourg a encore une belle marge de progression. Le deuxième thème de la LUGA porte sur la durabilité et la protection du climat. Nous vivons une époque où il est nécessaire de penser écologique. Le troisième volet est celui du *nation branding*. Le Luxembourg n'est pas uniquement un pays de finances, mais aussi un pays de sport, de tourisme, de culture et de développement urbain. Nous avons beaucoup à offrir, et c'est ce que l'on voudrait montrer au monde extérieur.

**Comment ces idées seront-elles réalisées ?**
Le pôle principal sera bien sûr la ville de Luxembourg, mais l'idée est aussi de montrer tout le pays. La capitale devra servir d'exemple et les autres communes pourront alors l'imiter. Ce sera une sorte de laboratoire expérimental. La LUGA sera une plate-forme que nous pourrons utiliser afin de renforcer l'idée de la philosophie verte dans les esprits de la population. Ainsi, les écoles seront fortement impliquées dans le programme de la LUGA, pour nous permettre de présenter notre vision dès le plus jeune âge.

**Quel est le rôle du ministère de l'Agriculture concernant la LUGA ?**
Nous voulons évidemment soutenir encore plus l'agriculture au sens large et essayer de trouver des solutions aux problèmes du secteur. Pour cela, la LUGA sera très axée sur la production régionale, sur les produits saisonniers et bio ; mais le sujet du gaspillage alimentaire aura aussi un rôle important. Sera aussi traitée la thématique de l'avenir du métier. La LUGA devra nous aider à renforcer l'image de l'agriculture afin de lui donner un nouveau visage. Nous voulons rapprocher les consommateurs des producteurs, voilà pourquoi nous sommes heureux d'avoir le rôle de leader dans l'organisation de l'expo.

**Quelles sont les difficultés actuelles auxquelles le secteur doit faire face ?**
Être agriculteur est un très joli métier, et avec le mot « agriculteur », je pense évidemment à tout le métier incluant la viticulture et l'horticulture. On y a beaucoup de libertés, mais il est clair que cela ne doit pas seulement être un hobby, et que les gens doivent pouvoir en vivre. D'un côté se pose le problème des terrains en raison de la surface disponible. D'un autre côté, il y a la technique et la formation, cette dernière posant d'autres difficultés. Et naturellement, il y a les frais liés à la main-d'œuvre, au matériel et autre. Tout ceci nécessite du soutien pour le secteur de l'agriculture. Dans une période où les exigences légales deviennent de plus en plus nombreuses – et je ne dis pas que ce n'est pas légitime –, il faut créer un équilibre budgétaire afin que le bilan soit positif.

**Quelles sont vos attentes en tant que ministre de l'Agriculture en vue de la LUGA ?**
Pour nous qui sommes du secteur, ceci constitue une bonne opportunité pour redessiner l'image de l'agriculture. On entend toujours parler des scandales concernant la production alimentaire et ceci projette une image négative sur le métier. Pendant la LUGA et même au-delà des six mois de l'événement, les agriculteurs auront l'opportunité de présenter tout ce qu'ils font pour la nature. Il s'agit donc aussi, en quelque sorte, de « secteur branding » interne.

**Les différents projets ne seront élaborés qu'après novembre entre les différents acteurs. Que peut-on déjà imaginer ?**
Les mots-clés sont *urban farming*, jardins communautaires, création de toitures végétales, isolation,

> « Pour nous qui sommes du secteur, ceci constitue une bonne opportunité pour redessiner l'image de l'agriculture. (…) Il s'agit donc aussi en quelque sorte de 'secteur branding' interne. »
>
> ROMAIN SCHNEIDER

mobilité douce (le tram par exemple), mais aussi la vie sociale dans de grandes structures. Voilà pourquoi le Kirchberg joue un rôle si important, car il est souvent la porte d'entrée pour le pays. Il s'y passe beaucoup d'activités, aussi au niveau européen, et de nombreuses personnes ne voient que ce quartier quand elles se trouvent à Luxembourg. Voilà pourquoi il est important que cette porte d'entrée soit accueillante. Après 2023, le Kirchberg pourrait se présenter tout à fait autrement, ceci constitue la dernière pièce du puzzle.

**Vous avez déjà souvent visité des expositions horticoles à l'étranger. Quelles sont vos exigences personnelles concernant la LUGA ?**
J'ai visité personnellement la *Gartenschau* régionale à Trèves et la *Bundesgartenschau* à Coblence. Ce que nous avons beaucoup aimé et ce sur quoi nous sommes d'accord depuis le début est le fait que nous ne voulons pas créer des réalisations *one shot* mais qu'elles devront encore pouvoir être utilisées après 2023 et devront continuer à exister et rester visibles. L'événement prendra fin officiellement en 2025, mais l'exposition demeurera. J'ai encore été fortement impressionné par la diversité de l'horticulture, diversité que l'on retrouve surtout à la Floriade aux Pays-Bas. Et aussi l'esprit créateur des participants, toutes ces nouvelles idées qui sont nées à l'occasion de l'expo. C'était simplement formidable.

Auteur: Laura Tomassini – Photographe: MAVDR – Responsable: Joëlle Hengen